

Evangelium vun Allerséilen [2. November] (Joer A - B - C)

Joh 11,17-27

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
A. *Dir all Éier, Här.*

- ¹⁷ Wéi de Jesus op Bethanien komm ass,
louch de Lazarus schonn zénter véier Deeg am Graf.
- ¹⁸ Bethanien läit no bei Jerusalem,
ongeféier 15 Stadienⁱ ewech.
- ¹⁹ Vill vun de Juppe ware bei d'Martha an d'Maria komm,
fir si wéinst hirem Brudder ze tréischten.
- ²⁰ Wéi d'Martha héieren huet, datt de Jesus kéim,
ass si him entgéintgaang;
d'Maria awer ass am Haus bliwwen.
- ²¹ Du sot d'Martha zum Jesus:
"Här, wann s du hei gewiescht wäers,
da wär mäi Brudder net gestuerwen."
- ²² Ma och elo weess ech:
Dat, wurëms du den Herrgott frees,
dat gött den Herrgott dir."
- ²³ De Jesus sot zu hir: "Däi Brudder steet nees op."
- ²⁴ D'Martha huet him geäntwert:
"Ech weess, datt hien nees opsteet –
bei der Operstéierung op Jéngsterdag."
- ²⁵ De Jesus sot zu hir:
"Ech sinn d'Operstéierung an d'Liewen:
Wien u mech gleeft, dee lieft,
och nodeems hie gestuerwen ass,
- ²⁶ a jiddereen, dee lieft an u mech gleeft,
dee stierft an all Éiwegkeet net.
Gleefs du dat?"
- ²⁷ D'Martha sot zu him:
"Jo, Här. Ech gleewen, datt s du de Christus bass,

dem Herrgott säi Jong, deen an d'Welt kënnt."

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
A. *Dech, Christus, luewe mir.*
-

ⁱ 5 Stadie sinn 1 Kilometer.